REGISTRE AUX DELIBERATIONS DU CONSEIL COMMUNAL
REUNION DU 03/12/2018

Date de la convocation: 26/12/2018 **Date de l'annonce publique : 26/12/2018**

Présents	Gilles Roth, bourgmestre et président Roger Negri et Marcel Schmit, échevins Jean Beissel, Sven Bindels, Ed Buchette, Luc Feller, Tom Kerschenmeyer, Romain Rosenfeld, Adèle Schaaf-Haas, Claudine Vervier-Wirth et Jemp Weydert, conseillers Nico Bontemps, secrétaire communal
Absent(s)	Roland Trausch, conseiller - excusé
Vote public	Roger Negri

Ordre du jour

1. Finances communales :
   a) présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2017;
   b) présentation du budget rectifié de l'exercice 2018 et du budget initial de l'exercice 2019.
2. Projets et devis : 4/690/221311/18030 – Remise en état du bâtiment « Wëlle Bau » à Mamer – Vote de l'avant-projet sommaire et du devis sommaire.
3. Aménagement communal et développement urbain:
   a-1) Saisine du conseil communal d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer concernant des fonds sis à Holzem, au lieu-dit « Op dem Acker » (article 10 de la loi modifiée du 19/07/2004);
   a-2) Décision de ne pas réaliser une évaluation environnementale dans le cadre d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer concernant des fonds sis à Holzem, au lieu-dit « Op dem Acker » conformément à la loi modifiée du 22/05/2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement ;
   b) Approbation d'une modification des parties écrite et graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » à Mamer (article 14 de la loi modifiée du 19/07/2004) ;
   c) Adoption d'un projet de modification ponctuelle des parties écrite et graphique du plan d'aménagement particulier QE ECO c2, sur des Fonds sis à Mamer, au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » (article 30 de la loi modifiée du 19/07/2004) .
4. Décision sur l'exercice d'un droit de préemption sur les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous les n° 1156/3874 et 1156/3875 au lieu-dit «In Hiwing » et 1172/2 au lieu-dit « Unterst Malemter » .
5. Fixation des nuits blanches d'office pour 2019.
6. Approbation de titres de recette.
7. Approbation d'un acte de cession gratuite portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous le n° 206/7021.
8. Approbation d'un acte de cession gratuite portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous le n° 457/7500.
9. Office social commun à Mamer: Approbation budget rectifié 2018 et du budget initial 2019 de l'Office social commun à Mamer.
10. Informations, divers et questions émanant des conseillers communaux.
11. Commissions consultatives – Nomination d'un membre dans la Commission de la Mobilité représentant la liste 4 « DP ».
12. Affaires de personnel : Création d'un poste de fonctionnaire (m/f) dans la catégorie A, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique pour les besoins du service urbanisme.
13. Affaires de personnel (séance à huis clos) : Désignation d'un remplaçant au poste de receveur communal.

Point de l'ordre du jour : 1-a	**Finances communales - présentation du compte de gestion et du compte administratif de l'exercice 2017**

Dir Dammen an Häre Schäffen a Gemengeconseilleren,

Allgemeng Bemierkungen

Opgrond vun dem Artikel 162 aus dem Gemengegesetz presentéieren ech haut dem Gemengerot d'Ofschlosskonte vun dem Joer 2017.

Et sinn dëst d'Konte vun dem 17. Exercice fir deen dëse Schäfferot d'politesch Verantwortung dréit. Op Wonsch vun dem Gemengerot geschitt d'Virstellung vun den 2017er Ofschlosskonte virun der Presentatioun an dem Vote vun dem Budget rectifié fir d'Joer 2018 an dem Budget fir d'Joer 2019.

Am Géigesaz zu dem Budget, deen eng Aschätzung vun de geplangten Recetten an Depense virgesäit, ginn d'Konten nämlech Opschloss iwwert déi reell getätegt Einnamen an Ausgaben op den 31.12. vun dem betreffenden Exercice.

Och erlaabt de Kont et dem Gemengerot déi sougenannten véridicité budgétaire anzeschätzen, d.h. festzestellen a wéi engem Mooss d'Estimatioune vun de Recetten an den Depensen am Kader vun der Opstellung vun dem Budget der Realitéit entsprach hunn.

I) Ofschlosskonte vum Joer 2017.

D' Eckdate vun dem 2017*er* Kont sinn an der Tabell 1 nach eng Kéier opgefouert :

Tableau 1

	Service Ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	35 924 060,27	4 916 061,79
Total des dépenses	25 663 226,89	11 484 576,53
Boni propre à l'exercice	10 260 833,38	
Mali propre à l'exercice		-6 568 514,74
Boni du compte 2016	446 129,03	
Boni général	10 706 962,41	
Mali général		-6 568 514,74
Transfert ord./extraord.	-6 568 514,74	6 568 514,74
Boni définitif	4 138 447,67	

Aus dësem Tableau gesi mir datt d'Joer 2017 mat engem Boni definitif vun 3.692.318,64 € ofgeschloss huet. Zielt een hei de Boni vum Joer 2016 dobäi, dee sech op 446.129,03 € beleeft, da gesäit een, dat mer am Joer 2017 e Boni vu 4.138.447,67 € gemaach hunn.

II) Compte ordinaire 2017

Den Total vun den uerdentlech Einname beleeft sech am Joer 2017 op 35.924.060,27 €.
Déi uerdentlech Depense louchen am Joer 2017 bei 25.663.226,89 €.
Tableau 2

Excercice	2010 compte	2011 compte	2012 compte	2013 compte	2014 compte	2015 compte	2016 compte	2017 compte
Report d'exercice	-5 859 453,10	-6 179 001,93	-8 258 105,37	-7.074.988,63	-4.516.048,17	-2.053.351,78	-3 438 430,34	446 129,03
Recettes ordinaires	24 085 523,54	25 958 622,18	27 362 824,02	28.920.192,33	31.650.543,04	30.817. 930,75	34 065 206,29	35 924 060,27

Dépenses ordinaires	17 506 193 57	20 369 034,97	22 564 890,06	22.103.313,07	22.853.219,19	23 309 339,44	24 524 100,08	25 663 226,89
Boni ordinaire	6.579.329,97	5.589.587,21	4.797.933,96	6.816.879,26	8.797.323,85	7.508.591,31	9 541 106,21	10 260 833,38
Recettes extraordinaires	13 041 184,89	11 213 865,62	5 909 209,17	7.871.260,40	13.100.296,63	8 274 005,15	5 371 891,75	4 916 061,79
Dépenses extraordinaires	19 940 063,69	18 882 556,27	9 524 026,39	12.129.199,20	19.434.924,09	17 167 675,02	11 028 438,59	11 484 576,53
Report d'exercice	-6 179 001,93	-8 258 105,37	-7 074 988,63	-4.516.048,17	-2.053.351,78	-3.438.430,34	446 129,03	4 138 447,67
Impôt commercial	8 061 998,19	8 827 221,59	7 481 230,26	8.650.253,84	9.770.075,17	8.724.839,21	12 231 025,35	4 342 337,77
Dotation de l'Etat	9 347 704,08	9 850 699,62	10 695 050,49	11.712.804,04	12.631.464,93	12.766.275,81	13.153 117,88	
Fonds de Dotation globale des communes								22 936 867,77
Emprunt: intérêts	183 389,25	378 362,94	263 498,47	97.100,52	136.888,56	81.919,89	50 221,83	39 221,36
Emprunt: amortissements	1 282 935,89	1 461 081,61	1 711 429,34	1.885.026,71	2.235.779,16	2.435.668,51	2 683 543,26	2 757 084,21
Dettes à long terme								
BGLL (1993-2013)	392 995,22	294 747,22	196 499,22	98 251,22	0			
BCEE (2005-2025)	3 149 487 ,51	2 955 492,79	2 750 886,32	2 537 971,75	2 324 710,72	2.108.648,10	1 890 198,46	1.671.511,86
BCEE (2006-2026)	3 242 039,92	3 049 724,74	2 846 443,76	2 634 510,88	2 422 248,31	2.207.037,47	1 989 321,08	1.771.330,24
CCRA (2007-2027)	6 950 380,85	6 577 647,60	6 183 139,22	5 769 958,50	5 356 252,28	4.936.757,44	4 516 607,88	4.096.458,32
BCEE (2007-2027)	1 755 211,11	1 662 927,93	1 564 856,83	1 462 111,52	1 359 221,23	1.254.699,27	1 148 739,05	1.042.566,47
CCRA (2009-2029)	3 816 132,87	3 640 995,25	3 454 030,12	3 256 629,30	3 058 725,26	2.857.290,28	2 655 181,68	2.452.759,32
BCEE (2010-2030)		979 378,47	936 462,82	842 444,18	792 982,72	739.281,15	690 822,08	638.686,05
BCEE (2010-2030)		1 957 875,71	1 872 052,85	1 684 103,33	1 585 226,58	1.483.978,29	1 380 790,97	1.276.583,41
BCEE (2010-2030)			3 779 797,53	3 399 280,67	3 103 341,94	3.002.918,02	2 798 775,76	2.593.573,68
BCEE (2011-2031)			2 964 549,15	2 682 190,39	2 536 438,25	2.387.531.51	2 235 499,07	2.082.610,75
BCEE (2012-2032)				1 358 673,49	1 286 541,18	1.212.749,27	1 137 295,06	1.061.330,72
BCEE (2012-2032)				1 948 646,75	1 845 192,67	1.739.484,29	1 633 193,87	1.526.583,86
BCEE (2013-2033)				2 963 258,33	2 822 606,11	2.681.455,97	2 533 078,16	2.387.143,97
BCEE (2014-2034)					3 809 022,24	3.615.135,09	3 420 041,90	3.224.283,72
BGLL (2014-2034)					1 000 900.58	964.414,99	915 610,81	866.658,30
BGLL (2014-2034)					1 000 900,58	964.414,99	915 610,81	866.658,30
BGLL (2014-2034)						964 165,69	915 374,13	866.434,27
BGLL (2014-2034)						1 446 245,90	1 373 057,50	1.299.647,92
BCEE (2015-2035)						975 261,92	926 714,06	878.010,49
BCEE (2015-2035)						1 950 194,29	1 853 114,83	1.755.724,39

BCEE (2015-2035)						1 974 949,44	1 876 637,91	1.778.010,99
BCEE (2016-2036)							1 777 404,93	1.689.418,76
Total à rembourser	18 478 678,66	19 094 014,15	27 734 397,88	30 638 030,31	34 302 509,49	39.466.613,37	38 583 070,00	35.825.985,79

Am Joer 2017 beleeft sech d'Zomm vun de staatlechen Einnamen un der Gewerbesteier an um Fonds de dotation globale, der Dotatioun de l'Etat op 27.279.205,54 €. Dat sinn 1.895.062,31 € méi wéi am Joer 2016.

Aus dem Tableau 3 gesi mir, datt déi uerdentlech Gesamteinnahmen am Kont 2017 ëm 12,74 % méi héich louche wéi am Budget 2017 ageschat.
D'Ausgabe louchen am Kont 2017 em 4,44 % manner héich wéi urspréngleche ageschat. Den ordinaire Boni fir 2017 läit ronn 105 % méi héich wei mer en am urspréngleche Budget 2017 virgesinn haten.

Tableau 3

	Budget init. 17	Budget rect.17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. en %
Recettes ordinaires	31.865.034,08	35.237.905,83	35.924.060,27	12,74%
Dépenses ordinaires	26.856.706,44	27.122.185,21	25.663.226,89	-4,44%
Boni ordinaire	5.008.327,64	8.115.720,62	10.260.833,38	104,87%

An dem Tableau 4 (Annexe) sinn am Detail d'Differenze bei den uerdentlechen Einnamen an Ausgaben tëschent dem Budget initial, dem Budget rectifié an den Ofschlosskonten 2017 opgefouert.

- Verwaltung an technesch Servicer schloe mat ronn 7,6 Milliounen zu Buch.
- D'Maison Relais huet eis netto 614.663,59 € kascht.
- D'Käschte fir Ambulanz a Pompjeeë belafen sech op netto 304.683,69 €.
- D'Musekscoursen an Zesummenaarbecht mat der UGDA, hunn eis 2017 792.165,18 € kascht. Mir krute staatlech Subsiden vun insgesamt 422.087,00 €. D'Aschreiwungen an di verschidde Coursen hunn eis 87.001,00 € bruecht. Netto bleift also fir d'Gemeng 283.077,18 €. *
- D'Gestioun vun dem Offall, deen ons Gemeng zum groussen Deel iwwert de SICA mécht, ass an dem Kont 2017 mat 1.219.499,42 € veruschlot. Dem stinn 1.088.712,00 € Recetten déi aus den Offalltaxen an dem Verkaf vun Dreckskëschte kommen, géintiwwer. Apport en capital un de SICA gëtt bekanntlech am extraordinäre Budget gefouert.
- D'Participatioun un der Kläranlag huet eis 1.215.867,14 € am Joer 2017 kascht. D'Gesamtausgabe fir d'Traitement vum Ofwaasser louch bei 1.340.967,00 €. D'Recetten u Klärtaxe louche bei 1.932.471,22 €.
- Waasser hu mir akaaft fir 923.131,32 €. Insgesamt hu sech d'Waasserkäschten op 1.439.366,97 € belaf. De Verkaf vu Waasser an d'Locatioun vun de Waasserzieler hunn eis 1.680.785,99 € an d'Kees bruecht. Beim Iwwerschoss um Waasser a Kanal muss ee bedenken dat an den Taxen den Amortissement vum Réseau an den Anlagen mat agerechent ass. Déi deementspriechend Ausgabe stinn awer am Extraordinaire, fanne sech also hei nët erëm.
- D'Rubrik Enseignement huet mat insgesamt 5.252.020,86 € zu Buch geschloen. U Recetten hu mir 83.725,00 € kritt. D'Gemeng huet hei also Nettokäschte vun insgesamt 5.168.295,86 €.

III) <u>Compte extraordinaire 2017</u>

Ech kommen elo zu den aussergewéinleche Recetten an Depensen. Am Tableau gesäit een eng Géintiwwerstelle vun dem Ofschlosskont 2017 an dem Budget initial respektiv dem Budget rectifié vun dem Exercice 2017.

	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	13.092.589,41	4.891.291,26	4.916.061,79	-62,45%
Dépenses extraordinaires	12.522.142,98	14.791.274,93	11.484.576,53	-8,28%
Boni /Mali extraordinaire	570.446,43	-9.899.983,67	-6.568.514,74	-1.251,47%

Am Tableau 5 a 6 (Annexe) ass eng detailléiert Oplëschtung vun den Einnamen respektiv den Ausgaben.

Am Joer 2017 sinn 11.484.576,53 € investéiert ginn.

Den ausseruerdentlechen Ausgabe stinn extraordinär Recette vun 4.916.061,79 € entgéint.

Déi wichtegst heivu sinn:

- 24.684,28 € Subsid fir de RENITA,
- 102.560,25 € Infrastruktur Taxe Commerce,
- 608.651,98 € Remboursement vu Kapital,
- 174.275,48 € Uschloss Tax un de Kanal,
- 281.950,00 € Participatioun un ëffentlechen Infrastrukturen vun Lotisseuren,
- 214.000,00 € Infrastruktur Taxe Logement,
- 89.620,93 € Uschloss Tax un d'Waassernetz,
- 33.313,87 € Remboursement TVA,
- 1.617.502,50 € Subsid fir de Pacte Logement,
- 152.000,00 € Subsid fir d'Erneiere vum synthetesche Fussballsterrain.

Ze notéiere bleift, dat de Subsid fir de Pacte logement sech an der Rubrik Autres logements et équipements collectifs op der Ausgaben- an Recettensäit neutraliséiert. Well d' Gemeng dëse Subsid geholl huet fir de Campus Kinneksbond an de Campus Capellen ze finanzéieren, gi se deemno an der Rubrik Enseignement op der Recettesäit definitiv verbucht.

Dëse Recette stinn Ausgabe vun 11.484.576,53 € géigeniwwer sou dat de Mali extraordinaire vun 2017 sech op 6.568.514,74 € beleeft.

Setzt een deem de Boni vun 2016 vun 446.129,03 € an den Iwwerschoss am ordinäre Kont vun 10.260.833,38 € entgéint, dann hu mir en Boni fir d'Joer 2017 vu 4.138.447,67 € .

IV) Investissementer a Grousprojeten

Den Tableau 6 (Annexe) lescht am Detail fir d' Joer 2017 d' Investissementer an déi eenzel Projeten op. Insgesamt si ronn 11,5 Milliounen € investéiert ginn:

Déi gréissten Depense waren

- 1.246.562,23 € fir de Bau vum Schoulcampus op der Cap,
- 87.511,45 € fir den Ausbau vun der MRE an dem Precoce um Kinneksbond,
- 1.659.216,05 € fir den Ausbau vun der Kichen vun der MRE um Kinneksbond,
- 90.808,37 € fir d'Astandsetze vun de Gabionen hannert dem Primairegebai um Kinneksbond,
- 34.403,01 € fir d'Iwwerdeckung vum Schlasshaff,
- 29.594,93 € fir de Panoramalift am Schlass,
- 24.326,91 € fir d'Erstellung vun engem neie Bebauungsplang,
- 16.105,09 € fir den Ëmbau vun de Bureauen am ST,
- 137.349,36 € fir d'Kafe vun neie Gefierer an en elektreschen Auto fir eis technesch Déngschter,

- 56.761,89 € fir d'Ersetze vun der landwirtschaftlecher Bréck zu Holzem,
- 34.160,29 € fir d'Astandsetze vun de Feldweeër,
- 176.062,52 € fir Gas- a Kanalleitung an der rte de Garnich zu Holzem,
- 74.359,39 € un Apport fir de SICA,
- 99.104,75 € fir d'Levée vu Waasser- a Kanalnetz,
- 25.708,76 € fir d'Aarbechten um Kanalréseau an der rue du Kiem,
- 1.136.996,33 € un Apport fir de SIDERO,
- 26.002,58 fir de Klimapakt,
- 743.865,64 € fir d'Astandsetze vun der Place de l'Indépendance zu Mamer,
- 93.674,17 € fir de Kaf an Ersetzen vun ale Spiller op de Spillplazen,
- 16.611,75 € fir de Kaf an d'Opriichte vu pedagogesche Radaren,
- 19.659,98 € fir d'Ersetze vun Stroosseschëlder,
- 303.344,50 € fir d'Astandsetze vu Stroossen am Quartier Gaaschtbierg,
- 41.047,11 € fir d'Astandsetze vun der rue des Eglantiers mat ëffentlecher Beliichtung;
- 303.050,92 € fir d'Astandsetze vun den Trottoiren an der rue de la Gare, rue du Kiem an der Cité Kurt zu Capellen,
- 302.513,85 € fir d'Astandsetzen vun der CFL-Bréck,
- 38.889,04 € fir Sécherungsaarbechten an der rue Dangé-St-Romain,
- 106.269,22 € fir d'Astandsetzen vun de Brécke beim Fussballsterrain an zu Holzem,
- 12.212,27 € fir de Bau vum Pavillon am Brill,
- 585.588,75 € fir de Bau vun enger neier Morgue zu Mamer,
- 23.552,24 € fir d'Waasser- a Kanal an der Kielener Strooss,
- 662.872,39 € fir de Reamenagement an Ersëtze vun der Waasserleitung an der "Mameranus" Strooss,
- 115.529,00 € fir d'Beliichtung vu Foussgängersträife Mamer a Capellen
- 147.706,32 € fir d'Astandsetze vum Haus 12, rue du Millénaire zu Mamer,
- 29.891,23 € fir d'Ersetze vun der ëffentlecher Beliichtung am Haff vum Gebai René Federspiel,
- 34.828,37 € fir den Assainissement vun der eemoleger école Mameranus,
- 728.546,50 € fir d'Astandsetze vum synthetesche Fussballsterrain,
- 44.422,56 € fir d'Amenagement vun enger Rampe an Astandsetze Bréck beim Stade Fr. Trausch,
- 59.949,93 € fir d'Astandsetze vun der Beliichtung an der Tennishal zu Capellen,
- 37.263,23 € fir de Kaf vun engem Container-Vestiaire um Beach Volley
- 177.608,05 fir d'Astandsetze vun der Sportshal Nic Frantz,
- 22.301,55 € fir den Amenagement vu Vestiairen an ale Logement vun der Sportshal Nic. Frantz,
- 183.571,13 € fir Astandsetze vun der Tennishal zu Capellen,
- 29.459,80 € fir d'Vergréisserung vun der Museksschoul zu Mamer.

V) <u>Ofschléissend Bemierkungen</u>

1) D'Presentatioun vun den 2017er Konte baséiert gréisstendeels op der vun deene virechten Exercicen. D'Diskussioun iwwerloossen ech deenen eenzele Fraktiounen am Gemengerot.
2) Ech wëll ofschléissend vun dëser Plaz dem Personal aus dem Gemengesekretariat Merci soe fir hier Aarbecht bei der Opstellung an der Presentatioun vun den 2017er Konten. Dem Personal aus der Recette soen ech Merci fir hier exakt a gewëssenhaft Buchféierung.

D'Diskussioun an de Vote vun den 2017er Konte fënnt am Prinzip statt nodeems se vun der Direction du contrôle de la comptabilité communale aviséiert gi sinn, et sief dann de Gemengerot wënscht sech eng Diskussioun virdrun.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Tableau comparatif entre: - budget initial 2017/budget rectifié 2017/compte 2017

TABLEAU 4

	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. en %
Recettes ordinaires	31.865.034,08	35.237.905,83	35.924.060,27	12,73818248%
Dépenses ordinaires	26.856.706,44	27.122.185,21	25.663.226,89	-4,44387905%
Boni ordinaire	5.008.327,64	8.115.720,62	10.260.833,38	104,87544182%

		Dépenses ordinaires				Recettes ordinaires			
Ch.	Libellé	Budget 2017	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. 2017 en %	Budget 2017	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. 2017 en %
0	Codes techniques	0,00	0,00	**118.647,38**		0,00	78.245,40	**78.245,40**	
1	Services généraux des administrations publiques	7.846.300,16	7.576.146,13	**7.604.542,73**	-3,08116469%	24.427.606,32	27.556.718,80	**28.841.539,21**	18,06944500%
2	Protection sociale	1.493.897,93	1.508.446,06	**1.104.046,00**	-26,09628959%	66.000,00	101.000,00	**101.411,47**	53,65374242%
3	Ordre et sécurité publics	767.990,00	763.225,80	**734.275,55**	-4,38995950%	113.790,00	106.145,00	**115.976,92**	1,92189120%
4	Affaires économiques	1.092.980,00	1.075.226,00	**891.293,78**	-18,45287379%	286.182,00	294.190,87	**252.710,89**	-11,69574257%
5	Protection de l'environnement	2.839.200,19	2.917.836,35	**2.798.771,09**	-1,42396088%	3.515.500,00	3.633.000,00	**3.183.345,72**	-9,44827990%
6	Logements et équipements publics	3.782.198,85	4.083.579,11	**3.699.938,00**	-2,17494778%	2.129.869,00	2.191.269,00	**2.066.052,58**	-2,99626033%
7	Santé	63.500,00	23.000,00	**8.326,16**	-86,88793701%	336.900,76	336.900,76	**334.100,49**	-0,83118542%
8	Loisirs, culture et culte	3.535.501,70	3.666.314,70	**3.451.365,34**	-2,37975731%	912.036,00	886.536,00	**866.952,59**	-4,94316123%
9	Enseignement	5.435.137,61	5.508.411,06	**5.252.020,86**	-3,36912813%	77.150,00	53.900,00	**83.725,00**	8,52235904%
	TOTAL	**26.856.706,44**	**27.122.185,21**	**25.663.226,89**	**-4,44387905%**	**31.865.034,08**	**35.237.905,83**	**35.924.060,27**	**12,73818248%**

TABLEAU 5 RECETTES EXTRAORDINAIRES

Tableau comparatif entre: budget initial/rectifié/compte 2017: budget extraordinaire

	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	13.092.589,41	4.891.291,26	4.916.061,79	-62,45%
Dépenses extraordinaires	12.522.142,98	14.791.274,93	11.484.576,53	-8,29%
Boni /Mali extraordinaire	570.446,43	-9.899.983,67	-6.568.514,74	-1251,47%

	Extraordinär Einnahmen			
Artikel	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. 2017 en %
CODES TECHNIQUES				
1/036/292100/99001 Extraordinär Restanten	0,00	0,00	0,00	
SERVICES GENERAUX DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES				
1/180/194000/99001 Emprunt	4.000.000,00	0,00	0,00	-100,00%
PROTECTION SOCIALE				
1/250/161000/08001G Subside fir de Bau vum Jugendhaus	39.239,43	0,00	0,00	-100,00%
ORDRE ET SECURITE PUBLICS				
1/320/163000/16015G Subside fir de réseau RENITA	25.295,00	24.684,28	24.684,28	-2,41%
AFFAIRES ECONOMIQUES				
1/410/161000/99001G Subside Astandsetzung vun de Feldweer	55.500,00	55.500,00	0,00	-100,00%
1/490/169280/99001 Infrastrukturtaxe fir de Commerce	50.000,00	50.000,00	102.560,25	105,12%
PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT				
1/510/288180/99001 Remboursement vun Kapital	608.651,98	608.651,98	608.651,98	0,00%
1/520/169100/99001P Uschlosstax Kanal	90.000,00	150.000,00	174.275,48	93,64%
1/542/288180/99001 Verschidden Remboursementer	101.500,00	0,00	0,00	-100,00%
1/550/169280/13001 Subside Etude "Welleschbaach" zu Holzem	16.000,00	0,00	0,00	-100,00%
1/611/169210/17033 Participatioun vum Lotisseur un Infrastrukturen	0,00	72.650,00	72.650,00	

1/611/169210/17034 Participatioun vum Lotisseur un Infrastrukturen	0,00	209.300,00	209.300,00	
1/611/169280/99001 Infrastrukturtaxe Logement	200.000,00	220.000,00	214.000,00	7,00%
1/611/283100/99001 Zreckbezuele vu Primen durch d'Stéidt	2.000,00	2.000,00	0,00	-100,00%
1/624/169280/99001 Bedeelegung CREOS un Infrastrukturaarbechten	5.000,00	5.000,00	0,00	-100,00%
1/630/169100/99001P Uschlosstaxe Waasserleitung	50.000,00	80.000,00	89.620,93	79,24%
1/630/282000/99001 Remboursement TVA	25.000,00	25.000,00	33.313,87	33,26%
1/690/168000/99001G Staatleche Subsid - Pacte Logement	1.651.252,50	1.617.502,50	1.617.502,50	-2,04%
FRÄIZÄIT, KULTUR AN CULTES				
1/821/161000/15019 Subside fir d'Erneieren vum synthéteschen Fussballsterrain	0,00	152.000,00	152.000,00	
11/822/161000/08001G Subside fir d'Astandsetzen vun der Sportshaal	165.000,00	0,00	0,00	-100,00%
1/840/169100/99001 Bedeelegung Uschlëss un d'Kollektivantenne	1.500,00	1.500,00	0,00	-100,00%
ENSEIGNEMENT				
1/910/161000/08001G Subside fir Campus Capellen	2.743.350,00	0,00	0,00	-100,00%
1/910/161000/13001G Subside Ausbau Précoce an MRE Kinneksbond	1.612.048,00	0,00	0,00	-100,00%
1/910/292300/99001 Reprise Gelder vum Pacte Logement	1.651.252,50	1.617.502,50	1.617.502,50	-2,04%
TOTAL	**13.092.589,41**	**4.891.292,26**	**4.916.061,79**	-62,45%

TABLEAU 6 DEPENSES EXTRAORDINAIRES

Tableau comparatif entre: budget initial/rectifié/compte 2017: budget extraordinaire

	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. en %
Recettes extraordinaires	13.092.589,41	4.891.291,26	4.916.061,79	-62,45%
Dépenses extraordinaires	12.522.142,98	14.791.274,93	11.484.576,53	-8,29%
Boni /Mali extraordinaire	570.446,43	-9.899.983,67	-6.568.514,74	-1251,47%

	Extraordinär Ausgaben			
Artikel	Budget init. 17	Budget rect. 17	Compte 2017	Différence Compte/B.I. 2017
CODES TECHNIQUES				
4/036/291100/99001 Extraordinaire Restanten	0,00	0,00	0,00	
SERVICES GENERAUX DES ADMINISTRATIONS PUBLIQUES				
4/120/221311/17010 Iwwerdeckung vum Schlasshaf	10.000,00	50.000,00	34.403,01	244,03%
4/120/222100/17009 Panoramalift am Schlass	110.000,00	30.000,00	29.594,93	-73,10%
4/120/238120/99001 Apport fir de SIGI	75.687,12	6.535,29	6.535,29	-91,37%
4/130/211000/00001 Urbanistekontrakt PAG	50.000,00	25.000,00	24.326,91	-51,35%
4/130/211000/11001 Photogrametresch Pläng	24.254,15	24.254,15	0,00	-100,00%
4/130/221200/15001 Dépôt Tossebierg	100.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/130/221311/10001 Embau vun de Bureauen am ST	0,00	16.105,09	16.105,09	
4/130/222100/17013 Lift am ST	15.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/130/223210/13009 Nei Gefierer fir den ST	54.000,00	114.000,00	112.771,46	108,84%
4/130/223210/16016 Kaf vun engem elektreschen Auto	30.000,00	30.000,00	24.577,90	-18,07%
4/130/223210/17001 Kaf vun engem Camion	30.000,00	0,00	0,00	-100,00%

PROTECTION SOCIALE				
4/260/238180/99001O Bedeelegung um Fonds de roulement vum Office Social	3.055,00	1.160,00	1.160,00	-62,03%
ORDRE ET SECURITE PUBLICS				
4/320/222100/1504 Nouveau réseau RENITA	0,00	6.783,43	4.256,08	
4/320/223210/17029 Kaf vun enger Camionnette fir d'sapeurs-pompiers	35.000,00	0,00	0,00	-100,00%
AFFAIRES ECONOMIQUES				
4/410/221313/16007 Ersetze vun der landwirtschaftlecher Bréck zu Holzem	70.000,00	70.000,00	56.761,89	-18,91%
4/410/221313/99001 Astandsetze vun de Feldweeër	100.000,00	179.993,60	34.160,29	-65,84%
4/410/222100/14002 Gasleitung an der rue d'Olm zu Capellen	45.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/422/222100/16012 Gas- an Kanalleitung an der rte de Garnich zu Holzem	200.000,00	250.000,00	176.062,52	-11,97%
4/450/222100/16019 Ariichten vum Wifi	40.000,00	47.412,51	6.866,41	-82,83%
PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT				
4/510/238120/99001S Apport fir de SICA	74.359,39	74.359,39	74.359,39	0,00%
4/520/211000/06001 Levée vu Wasser- a Kanalnetz	0,00	99.104,75	99.104,75	
4/520/222100/15005 Aarbéchten um Kanalréseau an der rue de Kiem zu Capellen	60.000,00	73.084,70	25.708,76	-57,15%
4/510/238120/99001S Apport fir de SIDERO	988.356,00	1.136.996,33	1.136.996,33	15,04%
4/532/211000/14004 Klimapakt	100.000,00	50.000,00	26.002,58	-74,00%
4/532/240000/99001 Bau- an Embauprimen am Kader vum energieeffiziente Bauen	75.000,00	15.000,00	428,11	-99,43%
4/542/238120/99001 Apport un de SICONA	101.500,00	0,00	0,00	-100,00%
4/550/211000/13004 Etude fir d'Rétentioun vun der Wëlleschbaach zu Holzem	20.000,00	0,00	0,00	-100,00%
LOGEMENT				
4/611/240000/99001 Bauprimen	10.000,00	10.000,00	1.487,36	-85,13%
4/621/221200/1507 Astandsetze vun der Place de l'Indépendance Mamer	500.000,00	855.432,84	743.865,64	48,77%
4/621/223410/16018 Kaf an Ersetze vu Spiller op de Spillplazen	150.000,00	178.220,34	93.674,17	-37,55%
4/622/222100/16002 Luedstatioune fir elektresch Autoen	40.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/622/222100/17015 Kaf an Opriichte vu pédagogesche Radaren	50.000,00	50.000,00	16.611,75	-66,78%
4/622/223410/17012 Ersetze vu Stroosseschëlder	20.000,00	20.000,00	19.659,98	-1,70%
4/623/221200/15024 Aménagéiere vun Parkplazen an engem Trottoir beim Kierfent zu Holzem	80.000,00	10.000,00	0,00	-100,00%
4/624/211000/08006 Verkéiersétude	50.000,00	62.524,35	0,00	-100,00%
4/624/221311/17003 Salzsilo	40.000,00	0,00	0,00	-100,00%

4/624/221313/10003 Astandsetze vu Stroosse Quartier Gaaschtbierg	300.000,00	426.852,62	303.344,50	1,11%
4/624/22131/13005 Reamenagement vun de Stroossen au Parc d'activités Capellen	200.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/15026 Astandsetze vun der rue des Eglantiers mat ëffentlecher Beliichtung	90.000,00	91.065,69	41.047,11	-54,39%
4/624/221313/16003 Astandsetze vun den Trottoirs an der rue de la Gare, Kiem a Cité Kurt	350.000,00	365.871,15	303.050,92	-13,41%
4/624/221313/16010 Astandsetze vun der CFL Bréck	340.000,00	488.214,50	302.513,85	-11,03%
4/624/221313/16013 Aménagement vun der rte d'Arlon 3. Phase (rte d'Olm-Wandhaff)	250.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/17002 Astandsetze vun der rue Mambra mat Ersetzen vun der Beliichtung	20.000,00	20.000,00	9.058,14	-54,71%
4/624/221313/17005 Astandsetze vum Gelänner vun der Zougangsbréck vum CIPA	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/17011 Aménagéieren vun engem Spadséier- a Veloswee vun Edemer an den Park Brill	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/17016 Sécherungsaarbéchten an der rue Dangé -St-Romain	50.000,00	50.000,00	38.889,04	-22,22%
4/624/221313/17021 Zone 30 an der rue du Commerce, rte de Dippach, rue du Millénaire an rte de Kehlen	50.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/17022 Zone 30 an der Areler Strooss beim Campus scolaire Capellen	30.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/624/221313/17025 Astandsetzen vun den Brécken beim Fussballsterrain an zu Holzem	70.000,00	110.000,00	106.269,22	51,81%
4/624/221313/99001 Astandsetzen voirie vicinale	50.000,00	266.181,48	0,00	-100,00%
4/625/221200/12006 Ausbaggere vum Weiher	80.000,00	50.000,00	0,00	-100,00%
4/625/221312/13006 Bau vum Pavillon am Brill	0,00	59.024,51	12.212,27	
4/626/221313/08008 Bau vun enger neier Morgue zu Mamer	612.013,71	971.134,15	585.588,75	-4,32%
4/627/221311/17006 Erweiderung vum Service Régie mat neien Vestiairen an Sanitärinstallatiounen	30.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/627/221311/17026 Ersetzen vun den Garagenpaarten am ST	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/630/222100/08009 Wasser a Kanal an der Kielener Stross zu Mamer	20.565,68	152.444,66	23.552,24	14,52%
4/630/222100/15014 Réaménagement an Ersëtzen vun der Waasserleitung an der "Mameranus" Strooss	500.000,00	782.589,72	662.872,39	32,57%
4/640/222100/15015 Beliichtung vun Foussgängersträifen Mamer an Capellen	150.000,00	229.581,92	115.529,00	-22,98%
4/640/222100/17023 Ersetzen vun der öffentlecher Beliichtung duerch LED	50.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/650/221100/99001 Kaaf vun Terrain'en	0,00	83.867,21	1.075,00	
4/690/221311/16017 Astandsetzen vum Haus 12 rue du Millénaire zu Mamer	150.000,00	155.320,00	147.706,32	-1,53%
4/690/222100/16001 Mensuiserie extérieure an Stores fir d'Gebai Jean Marx	40.000,00	0,00	0,00	-100,00%

4/690/222100/17020 Ersetzen vun der öffentlechen Beliichtung am Haf vum Gebai René Federspiel	20.000,00	30.000,00	29.891,23	49,46%
4/690/291500/99001 Dotatioun op de Reservefong Pacte Logement	1.651.252,50	1.617.502,50	1.617.502,50	-2,04%
LOISIRS CULTURE ET CULTE				
4/810/221311/15017 Assainissement vun der eemoleger école Mameranus	50.000,00	88.000,00	34.828,37	-30,34%
4/810/221311/17019 Astandsetzen vum Scoutschalet zu Mamer	50.000,00	30.000,00	4.712,23	-90,58%
4/821/221100/15019 Astandsetzen vum syntheteschen Fussballsterrain	406.000,00	788.980,00	728.546,50	79,44%
4/821/221200/15021 Amenagement vun enger Rampe an Astandsetzen Bréck Stade Fr. Trausch	70.000,00	60.000,00	44.422,56	-36,54%
4/821/221200/17008 Astandsetzen vum Accès op den Fussballssterrain	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/821/222100/17018 Astandsetzen vun der Beliichtung an der Tennishall zu Capellen	60.000,00	60.000,00	59.949,93	-0,08%
4/821/222100/17027 Ersetzen vun der Beliichtung um Fussballsterrain II zu Mamer	20.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/821/223410/17028 Kaf vun engem Container-Vestiaire um Beach Volley	60.000,00	37.263,23	37.263,23	-37,89%
4/821/221200/16021 Astandsetzen vum Parking vun der Sportshal Nic Frantz, ateliers an garages	70.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/822/221311/08010 Astandsetzen vun der Sportshal Nic Frantz	261.099,43	455.373,45	177.608,05	-31,98%
4/822/221311/15022 Aménagement vun Vestiairen am ale Logement vun der Sportshal Nic. Frantz	0,00	97.144,77	22.301,55	
4/822/221311/17032 Astandsetzen vun der Tennishal zu Capellen	185.000,00	185.000,00	183.571,13	-0,77%
4/831/221311/15025 Astandsetzen vun der Fassade Centre Culturel Capellen mat Iwwerdaach	20.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/831/221311/17030 Astandsetzen vum Centre Culturel Capellen mat Etude fir en Iwwerdaach	10.000,00	10.000,00	6.542,84	-34,57%
4/836/221311/17014 Vergréisserung vun der Museksschoul zu Mamer	10.000,00	50.000,00	29.459,80	194,60%
4/850/221311/16009 Astandsetzen vun der Holzemer Kierch	150.000,00	47.607,30	5.689,16	-96,21%
4/850/221311/16022 Astandsetzen vum Daach an der Façade vun der Caper Kierch	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/850/221311/17004 Astandsetzen vun der Façade vum Paschtoueschhaus zu Capellen	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/910/221311/08011 Bau vum Schoulcampus op der Cap	700.000,00	1.496.738,91	1.246.562,23	78,08%
4/910/221311/11006 Ausbau vu Précoce a Maison Relais um Kinneksbond	175.000,00	189.447,74	87.511,45	-49,99%
4/910/221311/14026 Ausbau vun der Kichen an der MRE Kinneksbond	1.600.000,00	1.660.102,65	1.659.216,05	3,70%
4/910/221311/17017 Vergréisserung vun der MRE an dem Précoce I	10.000,00	0,00	0,00	-100,00%
4/910/221311/17024 Astandsetzen vun den Gabionen hannert dem Primairegebai um Kinneksbond	100.000,00	100.000,00	90.808,37	-9,19%
TOTAL	**12.522.142,98**	**14.791.274,93**	**11.484.576,53**	-8,29%

Point de l'ordre du jour : 1-b	Finances communales - présentation du budget rectifié de l'exercice 2018 et du budget initial de l'exercice 2019

Dir Häre Schäffen,
Dir Dammen an Dir Häre Gemengeconseilleren,

D'Gemeng Mamer steet finanziell op ganz stabille Féiss. Et ass den 20ten Budget, deen ech als Buergermeeschter dem Gemengerot däerf virstellen. Et ass de Budget mat dem gréissten Iwwerschoss. 13 Milliounen € Benefice bei 42 Milliounen uerdentlech Recetten! Mir däerften domat mëttlerweil wuel um Podium vun der lëtzebuerger Gemengelandschaft stoen. An dat trotz Rekordinvestitiounen, déi mir déi leschten dräi Legislaturperioden gemaach hunn. E gesonde finanzielle Polster besteet deemno fir den ambitiéise Schäfferotsprogramm bis 2023 ëm ze setzen.

Eis Gemengefinanzen hunn sech iwwert d'Jore positiv entwéckelt. Mir hunn ee gesonde Wuesstum vun eiser Populatioun. Dëst erlaabt eis vun der Gemengefinanzreform voll ze profitéieren. Trotz ville Kritiken, war eis PAG Reform an de Joren 2013-2015, ee couragéierten, mee richtege Schrëtt fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng. Dat wat haut déi staatlech Virgaben a Puncto Logement sinn, ass bei eis schonns zanter 5 Joer Realitéit.

An dem Parc d'activités tëschend Mamer a Cap schaffen iwwert 5.000 Leit! An um ganzen Territoire vun der Gemeng woren et der 2017 8.025. Rentabel Déngschtleeschtungsbetriber, déi dem Land eleng am Joer 2018 iwwert 36 Milliounen € Gewerbesteier erabruecht hunn. Eis Gemeng vu bal 10.000 Awunner funktionéiert mat manner ewéi 100 Leit Personal!

Eis Schoul-Sport-, a Kulturinfrastrukturen, grad ewéi eis Maisons Relaisen si quasi nei a ganz bezuelt. Mir hunn deemno net vill Nofolgekäschten. Mir haten d'Chance bei ganz niddregen Zënsen (0,11%) eis Emprunten ze zéien.

D'Gemeng Mamer bezillt op 30 Milliounen € Gesamtschold, grad emol 36.000 € Zënse pro Joer. Op 11 Milliounen € Schold kréie mir esouguer negativ Zënse vun der Bank.

Eis Finanzlag däerft et eis erlaben an den nächste 5 Joer ronn 100 Milliounen € an eis Gemenginfrastrukturen ze investéieren. Derzou kënnt den Ausbau vun der Mamer Kläranlag dee vun dem Syndikat SIDERO virfinanzéiert gëtt.

Mir wëllen eis Maximalschold op 40 Milliounen € bis 2023 limitéieren. Dëst entsprécht ongeféier den uerdentleche Recette vun engem Joer, respektiv dem uerdentlechem Iwwerschoss vun 3 Joer. Déi domat verbonne Finanzéierunglaascht wäert 10% vun den uerdentleche Recetten net iwwerschreiden.

Prioritéit bei den Investitiounen huet do de Réamenagement vum Zentrum vun der Uertschaft Mamer mat zousätzlechem Parkraum, eng Musekschoul an eng Schwämm um Kinneksbond, ee moderne Park mat Restaurant an erweiderter Tennishal op der Cap, ee chiquen Duerfkär zu Holzem!

Och d'Mobilitéit a bezuelbare Wunnraum stinn ganz uewen op der Lëscht. Eleng kënne mir do als Gemeng net alles maachen. Eng gudd Dosen sougenannt pedagogesch Radaren sinn mëttlerweil an der Gemeng a Betrib. Bis 2020 wäerte mir op 25 erop goen. Eng Velospist vun der Cap bis bei de Mamer Lycée ass am Plang. E Projet vun E-carsharing an E-bikes ass an der Maach. Den Mamer Ruffbus wäert an Zukunft bis Owes 8 Auer fueren. Déi vum Staat geplangte Verbindungsstrooss tëschent der Cité Kurt op der Cap an der Route de Kielen (Bauhaus) zu Mamer gëtt vun der Gemeng ënnerstëtzt. Een Avant-Projet läit vir. Mëttelfristeg wäert doduerch de Verkéiersfloss duerch d'Cap wesentlech verbessert ginn.

A puncto soziale Wunnengsbau wäerten d'Arbechte vum SNHBM projet um sougenannte Parking Croccante Enn 2019 ufänken. Verbëllegte Wunnraum gëtt am Kader vun enger Erweiderung vum Lotissement Op Edemerbierg,

respektiv Op Frounert zu Mamer geschaaf. Fir d'Seniorewunnengen am Brill zu Mamer huet d'Gemeng hier Hausaufgab mat der Reklasséierung gemaach. De Ball läit elo bei dem Exploitant. De Schäfferot hält drop fir dass d'Aarbechten am Joer 2019 ufänken.
An de Grafiken, déi vun eisem Finanzdepartement preparéiert goufen, gesidd Dir déi wichtegst Eckdaten vun eisem Budget. Eis Awunnerzuel wiisst zanter 2013 em duerchschnëttlech 300 Awunner pro Joer. Dat ass ee Wuestum vu ronn 3%. Dëse Wuestum entsprécht de Virgabe vun dem staatleche Wunnengsbaupakt.



De Wuesstum vun der Populatioun spigelt sech och an eise Gemengefinanzen erëm. Déi staatlech Zouwendungen un d'Gemeng gi gréisstendeels op Basis vun der Bevëlkerungszuel gemooss. Beim Pacte Logement hu mir vun 2017 op 2018 ee Verloscht vun iwwert 1 Millioun € Einnahmen. Dëst ass doduerch bedéngt well 2018 nëmme ronn 180 Leit an d'Gemeng bäi komm sinn. Och geet de Montant vun der staatlecher Zouwendung pro Awunner am Kontext vun dem Pacte Logement erof.





D'Evolutioun vun den Emprunts zënter 2005 weist ee Réckgank vun eiser Schold vun 2015 un. Mir wäerten 2019 eis Schold vun 39 Milliounen € am Joer 2015 op ronn 30 Milliounen € erof drécken.

D'Gemeng wäert Enn 2018 ronn 12 Milliounen € liquid Reserven an der Keess hunn.
Dës confortabel Finanzsituatioun bei héijem Standard vun Investitiounen an Déngschtleeschtungen, grad ewéi sozialer a kultureller Offer op héchstem Niveau, beweist, dass d'CSV-LSAP Majoritéit an der Féierung vun der Gemeng Mamer wuel net alles falsch gemaach huet.
Op haut ronn 11 Milliounen € kréie mir esouguer Negativzënsen - also Suen vun de Banken fir dat Geld wat mir geléint hunn.
D'Gemeng Mamer bezillt ronn 2,8 Milliounen € un Annuitéiten (Kapital plus Zënsen) pro Joer zréck. Fir 2019 gesi mir kee weideren Emprunt fir.

D'Zënslaascht fir déi Somme bedréit mat engem duerchschnëttlechen Zënssaz vun 0,118 % mol grad ronn 36.000 €.
Op 9 Emprunts bezuehle mir keng Zënsen, op 8 vun deene kréie mir souguer Zënse bezuehlt. D'Scholdelaascht bedréit fir dëst Joer 7,19% vun eisen uerdentlechen Gemengerecetten an wäert fir 2019 op 6,59% erof goen.

An enger Circulaire vum 22/05/1992 fixéiert den Inneministère ee Seuil d'alerte deen seet, datt de Remboursement vun der finanzieller Charge vun den Emprunts par rapport zu den uerdentleche Recetten 20% net iwwerschreide sollt.

Wéi Dir gesidd, läit d'Gemeng Mamer wäit ënnert dësem Seuil, jo souguer ënnert dem Seuil vun 10%.

Gemengenfinanzlogik: Jo och zu Mamer bréngt ee moderaten Awunnerzouwuess eis nawell zolidd Einnahmen vum Staat iwwert de Wee vun der sougenannter Dotation de l'Etat an der Gewerbesteier. D'Niewekäschten dovunner hu mir am Grëff well mir ugepasste modern Schoul-, Sport- an Fräizäitinfrastrukturen hunn, déi op eng wuessend Bevëlkerungszuel ausgeluegt sinn. Mir lafen also do dem Ball nët hannendrun.

Tableau récapitulatif du budget rectifié de l'exercice 2018		
	Montants votés par le Conseil communal	
	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	39 451 890,92	8 486 379,00
Total des dépenses	27 296 284,67	17 271 355,86
Boni propre à l'exercice	12 155 606,25	
Mali propre à l'exercice		8 784 976,86
Boni du compte 2017	4 138 447,67	
Mali du compte 2017		
Boni général	16 294 053,92	
Mali général		8 784 976,86
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 8 784 976 ,86	+ 8 784 976 ,86
Boni présumé fin 2018	7 509 077,06	
Mali présumé fin 2018		

Tableau récapitulatif du budget de l'exercice 2019		
	Montants votés par le Conseil communal	
	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	42 397 317,63	1 655 029,00
Total des dépenses	29 336 588,61	20 152 268,46
Boni propre à l'exercice	13 060 729,02	
Mali propre à l'exercice		18 497 239,46
Boni présumé fin 2018	7 509 077,06	
Mali présumé fin 2018		
Boni général	20 569 806,08	
Mali général		18 497 239,46
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 18 497 239 ,46	+ 18 497 239 ,46
Boni définitif	2 072 566,62	
Mali définitif		

2017 hat d'Gemeng Mamer een ordinaire Benefice am Kont vun 10,26 Milliounen €. Fir 2018 gëtt de Boni op 12,15 Milliounen €, a fir Enn 2019 souguer op 13 Milliounen € geschat. Dëst bedeit, datt ronn 30,80% vun eisen uerdentleche Recette vun 2019 Boni sinn.
Domat leie mir sécher am Spëtzepeloton vun der kommunaler Landschaft am Grand-Duché.

Et geet elo un d'Detailaarbecht.



- D'Personalkäschten vun der Gemeng leien fir 2018 bei ronn 25,13% vun den uerdentlechen Ausgaben. Fir 2019, maachen d'Personalkäschten just nach 24,67% vun den uerdentlechen Dépensen aus. An € maachen dat fir 2018 6,86 - a fir 2019 7,23 Milliounen € aus.

- Am Moment sinn 98 Leit bei der Gemeng ugestallt, 44 Salariés à tâche manuelle, 29 Fonctionnairen, 7 Gemengenemployés, an 18 Leit fir Cantine a Busopsiicht. Fir 2019 kommen 1 Fonctionnaire an 2 Gemengenemployés derbäi, den Eischten fir de Service de l'Egalité des Chances, ee Kulturbeoptraagten an een Architekt. Bei den Salariés à tâche manuelle wäerten 2019 5 weider Persounen agestallt ginn.

Deen aktuelle Staff vun 98 Leit entspriechen 1% vun der Gesamtpopulatioun vun eiser Gemeng oder aanescht gesot op 100 Awunner huet d'Gemeng een Agent.



- Vun 100 € Recette ordinaire 2019, ginn 8,40 € an d'Schoul, 21,70 € an d'Administratioun, 9,90 € an d'Kultur, Sport- an Fräizäit, d'Culten, dovunner 1,80 € an de Centre culturel Kinneksbond, 2,40 € an déi ëffentlech Uerdnung, 0,90 € an d'Kirfechter, 4,00 € an d'Waasser, 3,70 € an de Kanal, 3,50 € an d'Müllabfuhr, 3,60 € an den Ënnerhalt vun de Gréngflächen, 11,10 € an aner ordinaire Ausgaben an 30,80 € an eise Boni, deemno an Investitiounen.

- Den Enseignement kascht d'Gemeng 2019 ronn 3,56 Milliounen €. Do kënnt dann nach d'Maison Relais mat ronn 1,33 Milliounen € dobäi. Nom Décompte kritt d'Gemeng vun Arcus, Frais de personnel an Fraisen fir den Ënnerhalt vun de Gebaier, Stroum- an Heizkäschten, déi d'Gemeng virfinanzéiert, rembourséiert. Dee Remboursement gëtt op der Recettensäit verbucht. Zesumme mécht dat fir d'Joer 2019 ronn 4,9 Milliounen €. Dat sinn ongeféier 6.257 € pro Schüler. Dorënner insgesamt 286.950 € fir Wifi, Computeren, Kopiesmaschinnen an anert informatescht Material, 143.600 € fir Classes en nature an Ausflich, ronn 156.000 € fir Stroum- an Heizkäschten, 219.000 € fir Iwwerwaachung a ronn 490.000 € fir Botzen.

- D'Funktiounskäschten fir den Centre Culturel Kinneksbond belafen sech op ronn 735.000 €.

- Eis Bedeelegung um Office social beleeft sech op ronn 117.000 €.

- D'Funktiounskäschte vum Jugendhaus si ronn 148.000 €, de Club Senior kascht d'Gemeng ronn 66.000 €.

Dir Dammen, Dir Häre,



D'Zuele vun dem Budget rectifié fir 2018 an déi vun dem Budget 2019 berouen op de Virgaben vun dem Inneministère. An Saachen Gewerbesteier läit d'Virgab bei +9,7% par rapport zum Kont 2017 fir 2018 an bei +13,8% par rapport zum Kont 2017 fir 2019.

Beim FDGC hu mir déi réel Awunnerzuehlen geholl, sou wéi de Statec se publizéiert huet. Den Undeel vun der Population um FDGC beleeft sech op 82%. Mir hu fir ons Berechnung den Undeel op 80% limitéiert. Dëst an enger Optik vu virséchteger Budgetsberechnung. Déi Methodik hu mir och fir 2017 applizéiert, an d'Zuelen hunn ons Recht ginn. Mir haten am Budget rectifié 2017 22.778.677 € virgesinn a kruten am Compte 2017 22.936.867,77 €.

Am Résumé hu mir bei den staatlechen Zouwändungen eng Progressioun vum Budget rectifié vun 8,61% am Verglach zum Compte 2017 an vir de Budget initial 2019 eng Progressioun vun 8,66% par rapport zum rectifié 2018 virgesinn. Dat schéngt eis realistesch ze sinn, well mir op déi selwescht Berechnungsformel ewéi fir den Exercice 2017 zréckgegraff hunn. Mir entspriechen op deem Punkt net genau de Virgaben vun der staatlecher Circulaire. Eis Berechnungsformel bedeit ee Plus u Recetten vun ronn 700.000 €. Si ass beluecht duerch ee méi héijen Bevölkerungswuesstum an eiser Gemeng par rapport zum Duerchschnëtt vum Land.

	C 2016	**C 2017**	**BI 2018**	**BR2018**	**BI2019**
FCDF	13.153.117,88				
ICC	12.231.025,35	4.342.337,77	3.495.128,27	4.763.544,53	4.941.580,38
FGDC		22.936.867,77	23.920.970,74	24.863.564,66	27.250.369,01
TOTAL	25.384.143,23	27.279.205,54	27.416.099,01	29.627.109,19	32.191.949,39
Var N-1		**7,47%**	**0,50%**	**8,61%**	**8,66%**

Mir hu fir 2019 een équilibréierte Budget, dee bei ronn 42,40 Milliounen € uerdentlechen Einnahmen een uerdentleche Boni vun iwwert 30,80% vun den ordinairen Recetten opweist.

I. Budget rectifié 2018

Éier mir zuer méi detailléierter Virstellung vun dem Budget initial fir d'Joer 2019 kommen, muss ech dem Gemengerot opgrond vun dem Artikel 129 aus dem Gemengegesetz Opschloss iwwert de Budget rectifié vun dem lafende Geschäftsjoer 2018 ginn. De Budget rectifié 2018 muss deemno och virun dem Budget 2019 gestëmmt ginn.

Um nächste Grafik gesi Dir d'Evolutioun vun den Dépenses a Recettes, souwuel ordinaire wéi extraordinaire, zënter 2013 bis 2019. Desweidere, fann Dir am Grafik d'Evolutioun vun den ordinaire Resultater aus de läschte Joeren.





Déi finanziell Eckdate fann Dir am Tableau 1, deen eng Géintiwwerstellung vun dem Budget initial 2018 an dem Budget rectifié fir dat selwecht Joer mécht.

Tableau 1

	(1) Budget initial 2018	(2) Budget rectifié 2018	Variation (2)/(1)
Budget ordinaire			
Recettes	36.758.961,77	39.451.890,92	7,32%
Dépenses	26.377.516,99	27.296.284,67	3,48%
Excédents	10.381.444,78	12.155.606,25	+17,09%
Budget extraordinaire			
Recettes	7.943.317,43	8.486.379,00	6,84%
Dépenses	15.534.455,79	17.271.355,86	11,18%
Excédents	-7.591.138,36	-8.784.976,86	
Budget total			
Recettes	**44.702.279,20**	**47.938.269,92**	**7,24%**
Dépenses	**41.911.972,78**	**44.567.640,53**	**6,34%**
Excédents	**2.790.306,42**	**3.370.629,39**	

Am **Budget rectifié 2018** hu mir **uerdentlech Recetten** vu ronn 39,45 Milliounen €. Dës leien em 7,32% méi héich wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2018 ageschat.

Dëst ergëtt sech duerch déi méi héich geschaten Einnahmen beim Impôt commercial a beim Fonds de dotation globale des communes.
Déi **uerdentlech Dépensen** belafen sech op 27,30 Milliounen €. Si leie ronn 3,48 % méi héich wéi am Budget initial 2018 ageschat. Di wichtegst Ofwäichungen sinn op folgenden Artikelen:

- D'Ausgabe fir Kommunikatiounskäschten, dorënner haaptsächlech d'Iwwerschaffe vum Gemengebuet -> 32.700,00 €;
- De Fonds pour l'emploi -> ronn 283.000,00 €;
- D'Participation un eisen 2 Maisons relais -> 145.000,00 €;
- Den Ënnerhalt vun den öffentleche Plazen an de Stroossen, de Gefierer vum Service Régie an de verschiddene Gebaier, déi der Gemeng gehéieren -> ronn 70.000,00 €;
- D'Participatioun un der Museksschoul -> 56.000,00 €;
- D'Frais de Surveillance um Kinneksbond -> 32.000,00 €;
- E leschten Décompte um Undeel un de Paien vum Léierpersonal l -> ronn 25.000,00 €.

Opgeschpléckt op Budgetsfonktioun setzt de Budget sech folgendermoossen zesummen:





Bei den **ausseruerdentleche Recetten** leie mir mat 8,48 Milliounen € em 6,84 % méi héich wéi urspréglech ageschat. An deem Posten fënnt sech lo allerdéngs och duerch eng Comptabilitéitsopératioun de Leasing vum Camion fir d'Régie, genau sou wéi folgend Recettes:

- 135.000 € Uschlosstaxen un de Kanal;
- 200.000 € Infrastrukturtaxen;
- 1.593.247,50 € Subside vum Staat am Kader vum pacte logement;
- 2.734.850,00 € De Solde vum Subside fir de Campus Kinneksbond;
- 1.662.048,00 € De Solde vum Subside fir den Ausbau vum Précoce an der Kichen um Kinneksbond.



Ausseruerdentlech Dépensen hu mir am Joer 2018 fir 17,27 € Milliounen € gemaach. Dat sinn 11,18 % méi wéi urspréglech geplangt. Hei schloe virun allem zu Buch:

- 320.405,07 € fir de Lift am Mamer Schlass;
- 115.000,00 € fir nei Miwwelen an der Administratioun
- 175.833,31 € fir d'Astandsetzen vun de Feldweeër;
- 74.359,39 € fir de Gemengesyndicat SICA;
- 2.238.162,18 € fir d'Kanalnetz, dovunner leng 2.140.786,24 € fir de SIDERO;
- 361.567,20 € fir d'Place de l'Indépendance;
- 1.386.537,01 € fir d'Stroossennetz;
- 910.545,40 € fir eis Kierfechter, dovunner 885.845,40 € fir déi nei Morgue zu Mamer;
- 350.000,00 € fir nei Maschinne fir den Service Régie;
- 200.000,00 € fir sanitär Anlagen um Parking beim Kinneksbond;
- 1.788.609,75 € fir Aarbechten un de Waasserleitungen;
- 184.052,92 € fir d'Moderniséiere vun der öffentlecher Beliichtung;
- 1.500,000 € fir de Kaf vun Terrainen a Gebaier;
- 200.000,00 € fir d'Astandsetze vum CIPA;
- 744.037,49 € fir d'Astandsetze vun eise Sportshalen;
- 680.540,20 € fir d'Museksschoul;
- 1.100.000,00 € fir den Ausbau vun der Kichen vun der Maison Relais um Kinneksbond.



De Budget rectifié vum Joer 2018 schléisst mat engem Boni définitif vun 3.370.629,39 € of.
Wann een dann de Boni vum Exercice 2017 derbäi zielt, dee sech op 4.138.447,67€ beleeft, dierft de Budget rectifié 2018 mat engem présuméierte Boni à reporter vun 7.509.077,06 ofschléissen.

III. Budget 2019

D'Eckdate vun dem Budget 2019 fann Dir am Tableau 2:

Tableau 2

	(1) Budget initial 2018	(2) Budget rectifié 2018	(3) Budget initial 2019	Variation (1)/(3)	Variation (2)/(3)
Budget ordinaire					
Recettes	36.758.961,77	39.451.890,92	42.397.317,63	15,33%	7,46%
Dépenses	26.377.516,99	27.296.284,67	29.336.588,61	11,22%	7,47%
Excédents	10.381.444,78	12.155.606,25	13.060.729,02	25,78%	7,42%
Budget extraordinaire					
Recettes	7.943.317,43	8.486.379,00	1.655.029,00	-79,16%	-80,50%
Dépenses	15.534.455,79	17.271.355,86	20.152.268,46	29,73%	16,68%
Excédents	-7.591.138,36	-8.784.976,86	-18.497.239,46		

Budget total					
Recettes	**44.702.279,20**	**47.938.269,92**	**44.052.346,63**	**-1,45%**	**-8,11%**
Dépenses	**41.911.972,78**	**44.567.640,53**	**49.488.857,07**	**18,08%**	**11,04%**
Excédents	**2.790.306,42**	**3.370.629,39**	**-5.436.510,44**		
Boni/mali reporté	**-1.338.134,02**	**4.138.447,67**	**7.509.077,06**		
Avoir en fin d'année	**1.452.172,40**	**7.509.077,06**	**2.072.566,62**		

Déi **uerdentlech Recette** belafe sech an der Somme op ronn 42,40 Milliounen €. Si leien domadder, 7,46% méi héich wéi am Budget rectifié 2018.



Tableau 3 – Ventilatioun vun den uerdentleche Recetten

Chapitre	Libellé	Budget initial 2018	Budget rectifié 2018	Budget initial 2019	Variation rectifié / 2018 initial 2019
0	Codes techniques	0	112.917,68	0	
1	Services généraux des administrations publiques	28.847.899,01	31.186.398,63	33.819.749,39	8,44%
2	Protection sociale	280.250,00	430.250,00	446.000,00	3,66%
3	Ordre et sécurité publics	111.300,00	66.900,00	403.000,00	502,39%

4	Affaires économiques	294.682,00	297.046,75	304.682,00	2,57%
5	Protection de l'environnement	3.670.000,00	3.685.000,00	3.695.000,00	0,27%
6	Logements et équipements collectifs	2.252.244,00	2.265.360,90	2.361.133,00	4,23%
7	Santé	336.900,76	340.180,96	344.773,24	1,35%
8	Loisirs, culture et culte	911.536,00	1.007.036,00	962.380,00	-4,43%
9	Enseignement	54.150,00	60.800,00	60.600,00	-0,33%
	TOTAL	**36.758.961,77**	**39.451.890,92**	**42.397.317,63**	**7,46%**

Fir 2019 hu mir 4,94 Milliounen € Einnahmen u Gewerbesteier an 27,25 Milliounen € Recette iwwert den FDGC virgesinn. Dat si ronn 75,93 % vun den uerdentlechen Einnahmen vun der Gemeng Mamer.

Déi **uerdentlech Dépense** belafe sech op ronn 29,33 Milliounen €. Am Verglach zu dem Budget rectifié vum Joer 2018 leien dës 7,47% méi héich.



D'Dépense klammen. Jo, ma mir hunn am Budget initial 2019 och eng ganz Rei Ausgabe stoen, déi just eemol musse gemaach ginn. Dëst sinn haaptsächlech:

- Den Entretien vu verschiddene Gabaier, déi der Gemeng gehéieren, wéi zB d'Croccante an den Office social -> ronn 190.000,00 €;
- Kaf vu kulturellem Patrimoine -> 20.000,00 €;
- iPad fir ons SchülerInnen -> 57.000,00 €;
- Den Entretien vun eise Schoulgebaier; dorënner falen awer och d'Ariichte vun de Wifi Antennen, Beliichtung duerch LED ersetzen, Erneiere vun de Sonnepräbbelien an de Waasserentkalker, Erneiere vum Parquet vun pro Joer jeweils e puer Klassesäll. ->ronn 150.000,00 €;

- De Kaf vun engem neie Camion fir de Service Régie. Well mir dee während e puer Méint leasen mat enger Option d'achat, war d'Uweisung vum Inneministère, datt deen iwwer "Dettes de leasing" am ordinairen Deel vum Budget verbucht muss ginn -> 258.536,00 €;
- D'Astandsetze vun de bassins de rétention um Kinneksbond -> 80.000,00 €;
- Places publiques -> 85.200,00 €;
  Dorënner falen awer zB och de biologesche Produit fir d'Onkraut mat eiser neier Maschinn futti ze maachen an d'Ersetze vun den Eechen um Kinneksbond duerch aner Beem, fir der geféierlecher Plo vum Eichenprozessionsspinner aus dem Wee ze goen.

Dann nach e puer Posten, déi global an d'Luucht ginn:

- Dépensen fir d'Aktivitéiten, déi vun eise Kommissiounen organiséiert ginn -> 85.600,00 €;
- D'Salaires an deemno och d'Charges patronales bei de Paien ->ronn 377.000,00 €;
- D'Maison des Jeunes -> 15.000,00 €;
- Den RTPH -> ronn 36.000,00 €;
- D'Contributioun vun der Gemeng am CGDIS -> ronn 200.000,00 €;
  Dozou muss ee wëssen, dat momentan och nach d'Dépense fir den CISMA am Budget stinn. Dëst well d'Conventioun mam CGDIS nach op sech waarde léisst. Gläichzäiteg musse mer awer, well déi jäerlech Contributioun bezuehlen. Dépenses, déi mir tëschent dem 01/07/2018 an dem Akrafttrieden vun der Conventioun maachen, ginn allerdéngs zum groussen Deel rembourséiert;
- Den Ënnerhallt vun de Kierfechter -> ronn 38.000,00 €;
- Den Ënnerhallt vum éclairage public -> ronn 20.000,00 €;
- Den Entretien vun de Sportshalen -> ronn 48.000,00 €;
- D'Owescoursen, déi mer de Leit ubidden -> 28.700,00 €;
- Da klammen och wéi all Joer eisen Undeel un de Gemengesyndicater, dorënner haaptsächlech de SICA an de SIDERO -> ronn 218.000,00 €.

2018 rectifié

Syndicat	Participation ordinaire	Participation extraordinaire	Participation Totale
SES - Syndicats des eaux	1 156 047,00		1 156 047,00
SICA	1 249 000,00	74 359,39	1 323 359,39
SIGI	231 293,11	9 268,40	240 561,51
SICEC	896,76		896,76
SICONA	26 242,70		26 242,70
SIDERO	1 253 144,00	2 140 786,24	3 393 930,24
ZARO			
SYVICOL	11 940,50		11 940,50
TOTAL :	3 928 564,07 €	2 224 414,03 €	6 152 978,10 €
RATIO / BUDGET :	14,39%	12,88%	

2019 initial

Syndicat	Participation ordinaire	Participation extraordinaire	Participation Totale
SES - Syndicats des eaux	1 156 047,00		1 156 047,00
SICA	1 397 000,00	250 903,51	1 647 903,51
SIGI	247 818,59		247 818,59
SICEC	1 045,00		1 045,00
SICONA	27 444,00		27 444,00
SIDERO	1 322 929,99	2 736 591,69	4 059 521,68
ZARO			
SYVICOL	12 386,40		12 386,40
TOTAL :	4 164 670,98 €	2 987 495,20 €	7 152 166,18 €
RATIO / BUDGET :	14,20%	14,82%	

Am Joer 2018 ass d'Scholdelaascht mat 2.838.000,00 € zu Buch geschloen. Am Budget 2019 gëtt de Remboursement (Kapital + Zënsen) vun der Schold dogéint mat 2.795.941,24 € veruschlaagt. Insgesamt mécht de jährleche Remboursement vun dem Kapital an de Scholdzënsen 6,59% vun den uerdentlechen Einnahmen aus.

Och fir 2019 wäerte mir weiderhin alles drusetzen fir am Sozial- an Ëmweltberäich, souwéi Schoul- a Fräizäitberäich eise Bierger eng héich Liewensqualitéit unzebidden.

Fir all dëst weiderhin ubidden ze kënnen, musse mir op der anerer Säit och kucken fir Geld an d'Gemengekeess ze kréien. Dobäi gëllt och fir 2019 datt de Schäfferot d'Geld sou effizient wéi méiglech asetze muss.

Am Tableau 4 gesidd dir wéi déi uerdentlech Dépensen op déi eenzel Rubriken verdeelt sinn.

Tableau 4

Chapitre	Libellé	**Budget initial 2018**	**Budget rectifié 2018**	**Budget initial 2019**	**Variation rectifié 2018 /initial 2019**
0	Codes techniques				
1	Services généraux des administrations publiques	8.045.314,72	8.446.288,48	9.180.737,08	8,70%
2	Protection sociale	1.709.304,32	1.911.821,14	2.014.227,37	5,36%
3	Ordre et sécurité publics	939.433,00	938.357,21	1.025.152,00	9,25%
4	Affaires économiques	1.107.075,00	1.141.810,36	1.098.828,00	-3,76%
5	Protection de l'environnement	3.052.327,28	3.053.964,70	3.373.505,99	10,46%
6	Logements et équipements collectifs	4.410.250,85	4.496.065,05	4.864.158,85	8,19%
7	Santé	28.500,00	23.000,00	23.000,00	0,00%
8	Loisirs, culture et culte	3.873.129,78	4.039.567,57	4.189.128,71	3,70%
9	Enseignement	3.212.182,04	3.245.410,16	3.567.850,61	9,94%
	TOTAL	**26.377.516,99**	**27.296.284,67**	**29.336.588,61**	**7,47%**

An der Rubrik „*Services généraux des administrations publiques*" belafe sech d'Dépensen op viraussiichtlech 9.180.737,08 € fir d'Joer 2019. Dës Rubrik begräift déi administratif an technesch Verwaltung, de Gemengerot an d'Commissiounen, souwéi d'Finanzkäschten.

D'Rubrik „Protection sociale" schléit mat 2.014.227,37 € zu Buch. Si begräift den 3. Alter, de repas sur roues, de service „Téléalarme", d'Maison Relais an d'Jugendhaus, de Service RTPH an den Office social.

D'Rubrik „Ordre et sécurité publics" begräift eis Agents municipaux'en an de Garde-champêtre, souwéi den CGDIS / CISMA. D'Gesamtausgabe belafen sech hei op 1.025.152,00 €.

D'Rubrik „Affaires économiques" begräifen eis Feldweeër, d'Exploitatioun vun eise Bëscher, den Tourismus, den Entretien vun de Busarrêtsen, eis Late-Night-Bussen, de Ruffbus an de Night Rider, d'Gemeinschaftsantenne an den ZARO. Se kascht eis 1.098.828,00 €.
An der Rubrik „Protection de l'environnement" fanne mer eis Offallgestioun an d'Ofwaasser, den Naturschutz duerch de SICONA. Dat Ganzt kascht 3.373.505,99€.

D'Rubrik „Logements et équipements collectifs" begräift den Entretien vun eisen öffentleche Plazen a Gréngflächen, den Ënnerhalt vun de Verkéiersschëlder, der Beliichtung, de Stroossen, de gemengeneegene Gebaier an d'Kierfechter. Dorënner fällt awer och eisen Atelier mat all eise Gefierer an den Entretien vun deenen. Och d'Waasserversuergung fällt ënnert dës Rubrik. Dëst alles schléit mat 4.864.158,85€ zu Buch.

D'Rubrik „Santé" beinhalt nëmmen den Entretien vun eisem CIPA; dee mat 23.000,00 € zu Buch schléit.

D'Rubrik „Loisirs, culture et culte" begräift den Entretien an de Fonctionnement vun eise Sportsterrainen an – Halen, eis Centres culturels, den Scouts Homen, d'Käschten fir d'Museksschoul, Mediathéik an d'Benotzen vun der Schwämm am Lycée Josy Barthel. Donieft falen och nach d'Subside fir eis Sports- a Kulturveräiner heidrënner, souwéi d'Käschte vun den offizielle Feiere vun der Gemeng. Fir all des Aktivitéiten hu mir fir 2019 Ausgaben an Héicht vun 4.189.128,71 €.

An der Rubrik «*Enseignement*» stinn 3.567.850,61 € Dépensen. Dëst sinn d'Ausgaben fir de Schoultransport an Entretiens- a Fonctionnementskäschte vun de Gebaier an pédagogescht Material fir di verschidde Klassen, Schoulausflich etc.

Recettes extraordinaires. Déi ausseruerdentlech Einnahme gi fir d'Joer 2019 op 1.655.029,00 € ageschat.

Folgend recettes extraordinaires siefen ervirgestrach:

- 135.000,00 € Kanaltaxen;
- 200.000,00 € Logementtaxen;
- 374.764,50 € Subside am Kader vum Pacte Logement.



Dépenses extraordinaires. Ausseruerdentlech Dépensen sinn am Joer 2019 am Total fir 20.152.268,46 € virgesinn. Dësen Investitiounsvolumen ass fir folgend gréisser Projete virgesinn:

- 1.200.000,00 € fir den Embau vum Mamer Schlass;
- 100.000,00 € fir d'Astandsetze vum ale Presbytère Gebai zu Mamer;
- 100.000,00 € fir den Embau vun der Gare zu Mamer fir d'Besoinen vum RTPH;
- 150.000,00 € fir d'Feldweeër;
- 250.000,00 € fir de Reaménagement vun der Cogénératiounsanlag;
- 250.903,51 € Apport en Capital fir den SICA;
- Ronn 3.387.000,00 € fir Aarbechten um Ofwaassernetz, dovunner 2.736.591,69 € fir de SIDERO;
- 100.000,00 € fir de Pacte Climat;

- 100.000,00 € fir d'Remise en état vun der Place de l'Indépendance;
- 175.000,00 € fir e Parking mat Ënnerstand zu Holzem beim Kierfecht;
- 2.640.000,00 € fir eist Stroossenetz;
- 150.000,00 € fir d'Astandsetze vum Wee am Parc Brill;
- Ronn 558.000,00 € fir d'Kierfechter zu Mamer an zu Capellen;
- 430.000,00 € fir nei Maschinnen fir de Service Régie;
- 700.000,00 € fir Aarbechten um Waassernetz;
- 200.000,00 € fir d'Astandsetze vum "Wëlle Bau" zu Mamer;
- 150.000,00 € fir Pétanquepisten beim CIPA zu Mamer;
- 1.500.000,00 € fir d'Astandsetze vum Scoutshome zu Mamer;
- 500.000,00 € fir Etude fir de Reaménagement vum Parc de Loisirs an der Tennishall op de Cap;
- 500.000,00 € fir eng zweet Embauphas an der Sportshall Nic Frantz zu Mamer;
- 230.000,00 € fir de Bau vun enger Schwämm zu Mamer;
- Ronn 534.000,00 € fir d'Astandsetzen vun de Festsäll aus der Gemeng;
- 2.000.000,00 € fir den Ausbau vun der Museksschoul zu Mamer;
- 200.000,00 € fir d'Astandsetze vun der Kierch an dem Presbytère zu Capellen;
- Ronn 200.000,00 € fir den Ausbau vun der Kichen vun der Maison Relais zu Mamer;
- 250.000,00 € fir d'Berberzelt an de Reaménagement vum Agangsberäich vum Primaire um Kinneksbond;
- 150.000,00 € fir d'Verbesserung vun der Ventilatioun am Primaire 2 um Kinneksbond;
- 200.000,00 € fir punktuell Verbesserungen um Campus Capellen.



Am läschte Slide wollte mir iech nach eng Vue ginn iwwert d'Dépensen an d'Recettes am Beräich Waasser, Ofwaasser an Offallgestioun an wéi d'Recettes den Dépenses géintiwwerstinn.
Beim Waasser hu mir wuel en ordinairen Iwwerschoss, wann een awer ons Infrastruktursdépensen derbäi schléit, ergëtt sech e Resultat vu – 592.542,00 €. De selwechte Phänomen beim Schmotzwaasser. Do hu mir e Gesamtdefizit vun – 2.816.192,68 €. Wobäi hei gréisser Investitioune geplangt sinn, déi sech iwwer e puer Exercicen strecken, wéi zb d'Erneiere vun der Kläranlag iwwert de Gemengesyndicat Sidero. Beim Offall läit den Defizit bei -448.813,51 €.

Taxes communales			
	RO	DO	Résultat ordinaire
2019 - Eau	1 790 000,00	1 682 542,00	107 458,00
2019 - Eaux usees	2 150 000,00	1 579 600,99	570 399,01
2019 - Déchets	1 305 000,00	1 502 910,00	-197 910,00
Résultat ordinaire :			479 947,01 €

Investissements prévus au budget 2019 (extraordinaire)	
2019 - Eau	700 000,00
2019 - Eaux usées	3 386 591,69
2019 - Déchets	250 903,51
Total extraordinaire :	4 337 495,20 €

No de Reports vum Joer 2018 a nom Transfert vum ordinairen an den extraordinaire Budget schléisst de Budget 2019 mat engem viraussiichtleche *Boni définitif* vun 2.072.566,62 € of.

Tableau récapitulatif du budget rectifié de l'exercice 2018		
	Montants votés par le Conseil communal	
	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	39 451 890,92	8 486 379,00
Total des dépenses	27 296 284,67	17 271 355,86
Boni propre à l'exercice	12 155 606,25	
Mali propre à l'exercice		8 784 976,86
Boni du compte 2017	4 138 447,67	
Mali du compte 2017		
Boni général	16 294 053,92	
Mali général		8 784 976,86
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 8 784 976 ,86	+ 8 784 976 ,86
Boni présumé fin 2018	7 509 077,06	
Mali présumé fin 2018		

Tableau récapitulatif du budget de l'exercice 2019		
	Montants votés par le Conseil communal	
	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	42 397 317,63	1 655 029,00
Total des dépenses	29 336 588,61	20 152 268,46
Boni propre à l'exercice	13 060 729,02	
Mali propre à l'exercice		18 497 239,46
Boni présumé fin 2018	7 509 077,06	
Mali présumé fin 2018		
Boni général	20 569 806,08	
Mali général		18 497 239,46
TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire	- 18 497 239 ,46	+ 18 497 239 ,46
Boni définitif	2 072 566,62	
Mali définitif		

Conclusion: Als Schäffen- a Gemengerot wäerte mir och dofir suergen, datt eis Bierger weiderhin an enger moderner a leeschtungsstaarker Gemeng wunnen.

Dëst erfuerdert eng permanent an opmierksam Kontroll vun eisen uerdentlechen Ausgaben, donieft d'Notze vun alle Méiglechkeeten déi et ginn, eis Einnahmen ze steigeren.

Duerch de Wuesstem vun eiser Populatioun kënne mir och weiderhinn, dank ënner anerem dem Pacte logement, an der Dotation de l'Etat, am Verhältnis zu anere Gemengen op gréisser Einnahme vu Säiten vum Staat rechnen.

Dës erlaben eis déi néideg Infrastrukture fir d'Bierger vun der Mamer Gemeng ze realiséieren.

Och de Budget 2019 soll e Budget vun der Solidaritéit sinn. Mir wäerten op jiddefall och do sinn, fir all déi, déi am Laf vum Joer, opgrond vun der ekonomescher Entwécklung an eisem Land eis Hëllef wäerte brauchen. Obwuel mer duerch d'Gesetz gezwonge sinn, eis Taxen a Tariffer op Basis vun de Gestehungskäschten héich ze loossen, wäerte mir och am Fall wou et néideg gëtt kuerzfristeg Moossnamen huelen fir dëse Leit ënnert d'Äerm ze gräifen.

Ofschléisse wëllt ech andeems ech de Leit aus dem Gemengesekretariat an deenen aneren Servicer Merci soen fir hir kompetent Mataarbecht, déi si bei der Opstellung vum Budget geleescht hunn an dee sécherlech vill Asaatz mat sech bruecht huet.

Ech sinn der Meenung, datt mir als Schäfferot all Gemengeconseiller transparent an informativ Dokumenter virgeluegt hunn, déi eng objektiv a fundéiert Diskussioun vun dem Budget erméigleche missten. D'Diskussioun an de Vote si fir de 14. Dezember 2018 virgesinn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Point de l'ordre du jour : 2	**Projets et devis : 4/690/221311/18030 – Remise en état du bâtiment « Wëlle Bau » à Mamer – Vote de l'avant-projet sommaire et du devis sommaire**

Le conseil communal,

unanimement

approuve l'avant-projet sommaire et le devis sommaire au montant de 4.700.000,00 € TTC pour la remise en état bâtiment « Wëlle Bau » à Mamer.

Point de l'ordre du jour : 3-a-1	**Aménagement communal et développement urbain - Saisine du conseil communal d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer concernant des fonds sis à Holzem, au lieu-dit « Op dem Acker » (article 10 de la loi modifiée du 19/07/2004)**

Le conseil communal,

avec neuf voix et trois abstentions

émet un vote positif au sujet de la modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer pour des fonds sis à Holzem, au lieu-dit «Op dem Acker», visant à reclasser une partie de la «zone agricole» en «zone d'habitation 1» soumise à l'élaboration d'un plan d'aménagement particulier «nouveau quartier», de sorte que le collège des bourgmestre et échevins peut procéder aux consultations prévues aux articles 11 et 12 de la loi modifiée du 19/07/2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

Point de l'ordre du jour : 3-a-2	**Aménagement communal et développement urbain - Décision de ne pas réaliser une évaluation environnementale dans le cadre d'une modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer concernant des fonds sis à Holzem, au lieu-dit « Op dem Acker » conformément à la loi modifiée du 22/05/2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement**

Le conseil communal,

avec neuf voix et trois abstentions :

- retient, au vu du courrier réf. 91576/PP-mb du 12/11/2018 de la Ministre de l'Environnement, que le projet de modification ponctuelle de la partie graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer pour des fonds sis à Holzem au lieu-dit «Op dem Acker», visant à reclasser une partie de la « zone agricole » en «zone d'habitation 1» soumise à l'élaboration d'un plan d'aménagement particulier «nouveau quartier», n'est pas susceptible d'avoir des incidences notables sur l'environnement ;
- décide qu'il n'y a partant pas lieu de réaliser une évaluation environnementale conformément aux articles 4 à 10 de la loi modifiée du 22/05/2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement.

Monsieur le secrétaire communal Nico Bontemps quitte la réunion et se fait remplacer par Madame Monica Dos Santos, secrétaire faisant fonction.

Point de l'ordre du jour : 3-b	**Aménagement communal et développement urbain - Approbation d'une modification des parties écrite et graphique du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la commune de Mamer au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » à Mamer (article 14 de la loi modifiée du 19/07/2004)**

Le conseil communal,

avec neuf voix et trois abstentions

(1)
approuve la prise de position du collège échevinal du 26/11/2018 par rapport aux observations formulées par la Commission d'aménagement auprès du Ministère de l'Intérieur et par la Ministre de l'Environnement;

(2)
approuve le dossier «Plan d'Aménagement Général (PAG) – Modification ponctuelle du PAG – Route de Holzem au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » à Mamer, comprenant

- une nouvelle partie écrite établie par Zeyen + Baumann s.à r.l. suite à l'avis réf. 22C/028/2018, 18391/22C du 26/09/2018 de la Commission d'aménagement auprès du Ministère de l'Intérieur et à l'avis réf. 88386 du 12/11/2018 de la Ministre de l'Environnement; comprenant 7 pages (numérotées de 13 à 19);
- la partie graphique établie par Zeyen + Baumann s.à r.l. matérialisée par le plan « Modification ponctuelle du PAG – route de Holzem au lieu-dit « « Hannert dem Giedgebësch » à Mamer – Extrait du PAG modifié – échelle 1 :2500 – 23 juillet 2018 ».

Point de l'ordre du jour : 3-c	**Aménagement communal et développement urbain - Adoption d'un projet de modification ponctuelle des parties écrite et graphique du plan d'aménagement particulier QE ECO c2, sur des Fonds sis à Mamer, au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » (article 30 de la loi modifiée du 19/07/2004)**

Le conseil communal,

avec neuf voix et trois abstentions

adopte le projet de modification ponctuelle des parties écrite et graphique du Plan d'aménagement particulier «QE ECO-c2» sur des fonds sis à Mamer, au lieu-dit « Hannert dem Giedgebësch » élaboré par le bureau Zeyen + Baumann S.à r.l. et comprenant:

- une partie écrite de juillet de 2 pages (numérotées de 4 à 5) ;
- une partie graphique matérialisé par le plan « Modification ponctuelle du PAP « quartier existant » « Route de Holzem au lieu-dit « Hannert dem Giedgbësch » » à Mamer – Extrait du PAP QE modifié – échelle 1 :2500 – 23 juillet 2018 ».

Monsieur le secrétaire communal Nico Bontemps rejoint la réunion.

Point de l'ordre du jour : 4	**Décision sur l'exercice d'un droit de préemption sur les parcelles suivantes : Parcelles inscrites au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous les n° 1156/3874 , 1156/3875 au lieu-dit «In Hiwing» et n° 1172/2 au lieu-dit «Unterst Malemter»**

Le conseil communal,

unanimement

décide de renoncer au droit de préemption sur les parcelles inscrites au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous les n° 1156/3874, 1156/3875 au lieu-dit «In Hiwing » et n° 1172/2 au lieu-dit «Unterst Malemter».

Point de l'ordre du jour : 5	**Fixation des nuits blanches d'office pour 2019**

Le conseil communal,

unanimement arrête :

pour l'an 2019 les heures d'ouverture des débits de boissons alcooliques sont prorogées jusqu'à trois heures du matin aux dates suivantes :

a) <u>localité de Mamer:</u>
samedi, le 19/10/2019 et dimanche, le 20/10/2019 (grande kermesse);

b) <u>localité de Capellen:</u>
samedi, le 05/10/2019 et dimanche, le 06/10/2019 (grande kermesse);

c) <u>localité de Holzem:</u>
samedi, le 08/06/2019 et dimanche, le 09/06/2019 (grande kermesse);

d) <u>pour toute la commune:</u>
samedi, le 02/03/2019, dimanche, le 03/03/2019 et lundi, le 04/03/2019 (carnaval);
samedi, le 30/03/2019 et dimanche, le 31/03/2019 (mi-carême);
dimanche, le 21/04/2019 (Pâques);
mercredi le 01/05/2019 (fête du travail);
dimanche, le 09/06/2019 (Pentecôte);
samedi, le 22/06/2019 (veille de la Fête Nationale);

dimanche, le 23/06/2019 (Fête Nationale);
mardi, le 24/12/2019 (réveillon de Noël) et mercredi, le 25/12/2019 (Noël);
mardi, le 31/12/2019 (Sylvestre) et mercredi, le 01/01/2020 (Jour du Nouvel An).

Point de l'ordre du jour : 6	**Approbation de titres de recette**

Le conseil communal,

unanimement approuve des titres de recette pour un montant total de 190.656,71 €.

Point de l'ordre du jour : 7	**Approbation d'un acte de cession gratuite portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous le n° 206/7021**

Le conseil communal,

unanimement

approuve l'acte de vente n° 2018/2101 du 16/11/2018 dressé par-devant Maître Alex Weber, notaire de résidence à Bascharage, aux termes duquel Mme Chantal Neyens, épouse de M. Camille Ernst, demeurant à L-7681 Waldbillig, 4 Kalkewee, cède gratuitement à l'administration communale de Mamer un immeuble inscrit au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud, numéro 206/7021, lieu-dit « rue du Marché », place voirie avec une contenance cadastrale de 20 centiares, en vue d'incorporer cette parcelle de terrain dans la voirie publique.

Monsieur le conseiller communal Tom Kerschenmeyer se retire dans l'enceinte du public (article 20 de la loi communale modifiée du 13/12/1988).

Point de l'ordre du jour : 8	**Approbation d'un acte de cession gratuite portant sur une parcelle inscrite au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud sous le n° 457/7500**

Le conseil communal,

unanimement

approuve l'acte de vente n° 2018/2065 du 12/11/2018 dressé par-devant Maître Alex Weber, notaire de résidence à Bascharage, aux termes duquel Mme Pauline Zenners, veuve de M. Charles Kerschenmeyer, demeurant à L-8233 Mamer, 14 rue des Jardins, cède gratuitement à l'administration communale de Mamer un immeuble inscrit au cadastre de la commune de Mamer, section B de Mamer-Sud, numéro 457/7500, lieu-dit « rue des Jardins », place voirie avec une contenance cadastrale de 30 centiares, en vue d'incorporer cette parcelle de terrain dans la voirie publique.

Monsieur le conseiller communal Tom Kerschenmeyer rejoint la réunion.

Point de l'ordre du jour : 9	**Office social commun à Mamer: Approbation budget rectifié 2018 et du budget initial 2019 de l'Office social commun à Mamer**

Le conseil communal,

(1)
à **l'unanimité** approuve le budget rectifié de l'exercice 2018 de l'Office Social Commun à Mamer ;

(2)
à **l'unanimité** approuve le budget initial de l'exercice 2019 de l'Office Social Commun à Mamer.

Point de l'ordre du jour : 10-a	**Informations, divers et questions émanant des conseillers communaux**

Le conseil communal,

entend les communications d'usage de Monsieur le bourgmestre et de Messieurs les échevins ainsi que les questions émanant des conseillers communaux.

Point de l'ordre du jour : 10-b	**Autorisation au collège échevinal, à un de ses membres ou à une tierce personne déléguée par le collège échevinal d'adjuger pour le compte de la commune de Mamer lors de la vente par adjudication publique d'immeubles le 11/12/2018 à la « Brasserie Béierhaascht » à Bascharage**

Le conseil communal,

unanimement:

- accorde au collège échevinal, à un de ses membres ou à une tierce personne déléguée à cet effet par le collège échevinal l'autorisation d'adjuger pour le compte de la commune de Mamer lors de la vente par adjudication publique d'immeubles en date du 11/12/2018 à la « Brasserie Béierhaascht » à Bascharage ;
- constate que toute acquisition ainsi réalisée restera soumise à l'approbation subséquente du conseil communal et le cas échéant du Ministre de l'Intérieur.

Point de l'ordre du jour : 11	**Commissions consultatives – Nomination d'un membre dans la Commission de la Mobilité représentant la liste 4 « DP »**

Le conseil communal,

unanimement

nomme Mme Sonja Schintgen, domiciliée à L-8279 Mamer, 19 route de Capellen, comme membre dans la Commission de la Mobilité, représentant la liste 4 « DP ».

Point de l'ordre du jour : 12	**Affaires de personnel : Création d'un poste de fonctionnaire (m/f) dans la catégorie A, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique pour les besoins du service urbanisme**

Le conseil communal,

unanimement

décide la création d'un poste de fonctionnaire (m/f) dans la catégorie A, groupe de traitement A1, sous-groupe scientifique et technique pour les besoins du service urbanisme.

Monsieur le bourgmestre prononce le huis clos de la réunion.
Monsieur le conseiller communal Luc Feller quitte la réunion pour répondre à d'autres obligations.

Point de l'ordre du jour : 13	**Affaires de personnel: Désignation d'un remplaçant au poste de receveur communal**

Séance à huis clos.